# Europawale vum 9. Juni 2024 :
# « Dispositif électoral » vum radio 100,7
# an der offizieller Walcampagne

**03. Mee 2024** – D'« Principes directeurs pour les élections européennes du 9 juin 2024 », déi d'ALIA de 26. Februar 2024 op Basis vum Artikel 35 vun der Loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques festgeluecht huet, gesi vir, datt d'Redaktioun vum radio 100,7 an engem geschriwwenen « Dispositif électoral » duerleet, wéi d'Redaktioun virgesäit, de Walkampf ze couvréieren. Déi offiziell Walcampagne an de Medie leeft vum 6. Mee 2024 bis de 8. Juni 2024. Den Dispositif gëtt Woch fir Woch aktualiséiert.

An deem Kader deelt d'Redaktioun vum radio 100,7 follgend éischt Versioun vum Dispositif fir d'Europawale vum 9. Juni 2024 mat:

**Table ronde iwwert d'Wirtschafts- a finanzpolitesch Perspektive vun der Europäescher Unioun**
D'Table ronde gëtt de 19. Mee vun 10:00 Auer bis 12:00 Auer um radio 100,7 live diffuséiert. Déi 13 Lëschten, déi kandidéieren, sinn invitéiert. D'Alia huet de 15. Abrëll 2024 mat engem Avenant zu de Principes directeurs decidéiert, déi Table ronde an zwee Deeler ze splécken: Eng Stonn mat 7 Lëschten an eng Stonn mat 6 Lëschten. De radio 100,7 gouf net am Virfeld consultéiert. D'Zesummesetzung gouf den 19. Abrëll 2024 vun der Alia geloust. Dobäi koum fir d'Table ronde vum radio 100,7 eraus:

- 10:00 Auer: Fokus, DP, Volt, Zesummen-d'Bréck, Oppositiounsbeweegung Mir d'Vollek, Déi Konservativ – d'Fräiheetspartei, CSV
- 11:00 Auer: déi gréng, KPL, LSAP, Piraten, Déi Lénk, ADR

**Invité:e vum Dag**
Och wärend de fënnef Woche vun der Walcampagne an de Medie wäert d'Redaktioun vum 100,7 moies um 7:30 Auer am Format Invité:e vum Dag d'Europawalen thematiséieren. All Lëscht wäert an zwee Debaten invitéiert ginn. Well et e Format ass, dat och un d'Aktualitéit gebonnen ass, kann et nach zu Adaptatioune kommen.

An der Woch vum 6. Mee si geplangt:

- 6. Mee um 7:30 Auer: Peter Freitag (Oppositiounsbeweegung Mir d'Vollek), Athanase Popov (Zesummen-d'Bréck), Monica Semedo (Fokus)
- 10. Mee um 7:30 Auer: Claudine Muno (KPL), Marc Angel (LSAP), Raymond Remakel (Piraten), Philippe Schannes (Volt).

Nom 13. Mee si weider thematesch Debaten am Format Invité:e vum Dag geplangt.

**Reportagen an Hannergrondbäiträg**

D'Redaktioun vum 100,7 wäert déi grouss Theme vun dësem Walkampf mat Reportagen an Hannergrondbäiträg, déi haaptsächlech an eiser Moiestranche tëscht 7 an 9 Auer diffuséiert ginn, beliichten.